ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ee Begrëff, deen ëmmer erëm optaucht an den Diskussiounen iwwer d'Bekämpfung vu Covid-19, ass dee vun der „Herdenimmunitéit". Verschidde Länner hu schonns ugekënnegt, wéini si gedenken, dës Herdenimmunitéit ze erreechen, hunn also ganz kloer Virstellungen, wat deen uviséierte Succès vun hirem Kampf géint de Virus ugeet. Herdenimmunitéit ass d'Zil vun all Impfkampagn. Trotzdeem ginn et nach e puer Onkloerheeten a Bezuch op dee Begrëff.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Bei wat fir engem Zilwäert, a Prozenter ausgedréckt, geet d'Lëtzebuerger Regierung vun enger "Herdenimmunitéit" vun der Lëtzebuerger Populatioun aus?
2) Ginn d'Frontaliere matgerechnet, wann et drëms geet, auszerechnen, wéini Lëtzebuerg dës „Herdenimmunitéit" erreecht wäert hunn?
3) Wann dat net de Fall sollt sinn: Op wat fir enger epidemiologescher Basis rechnet d'Regierung aus, wéini dës „Herdenimmunitéit" vun der Lëtzebuerger Populatioun erreecht wäert sinn?
4) Fir de Fall, wou d'Frontaliere mat abezu ginn an dës Berechnungen: Wéi soll d'Impfung vun de Frontalieren technesch organiséiert sinn? Sollen d'Frontaliere geimpft ginn op Basis vun hirer jeweileger Alterskategorie an op Basis vun hirem Vulnerabilitéitsgrad?
5) Gëtt et een Accord transfrontalier mat eisen dräi Nopeschlänner, fir eng duebel Vaccinatioun vun de Frontalieren ze verhënneren? Kritt d'Regierung elo schonns Donnéeë betreffend d'Impfung vu Frontaliere vun den zoustännegen Autoritéiten an eisen Nopeschlänner iwwermëttelt?
6) Wéi gëtt d'Zil „Herdenimmunitéit" abezunn an d'Prioritéitelëscht fir d'Ëmsetzung vum "Grénge Pass"?

Mat déiwem Respekt

Jeff Engelen, Deputéierten